

Lëtzebuerg, den 15. Juni 2022

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,


Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

*„Nodeems d’Usträichaarbechten un der Rouder Bréck fir eng Zäit ënnerbräch gi waren, wëll déi betrafte Firma faillite war, sollten d’Aarbechten uganks 2020 nees ulafen a bis de Fréijoer 2021 fäerdeg gestallt ginn. Allerdéngs huet een den Androck, dass sech schonn zënter längerer Zäit näischt méi gedoen huet.*


*An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:*

- *Wou sinn d’Usträichaarbechten un der Rouder Bréck aktuell drun?*
- *Wat ass de Grond firwat d’Aarbechte bis ewell nach net ofgeschloss konnte ginn?*
- *Bis wéini sollen d’Aarbechte laut aktuellen Estimatioune fäerdeg sinn?“*

Mat déiwem Respekt,



Max HAHN  
Deputéierten



Claude LAMBERTY  
Deputéierten

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu